


# Action pour un Monde Uni

Organisation non gouvernementale (ONG) agréée par le
Ministère de la Coopération et de l'Action humanitaire



## Bulletin novembre 2017

BIL LU14 0021 1349 0900 0000 CCP LU83 1111 1287 6344 0000
RCS Luxembourg F3567

11, Kiirchestrooss L-5741 Filsdorf
Tél.: 26 67 12 61 Fax: 23 67 63 75 www.amu.lu info@amu.lu

Léif Frënn,

Eisen 2. Bulletin fir dëst Joer ass och rëm gutt gefëllt mat villen interessanten Neiegkeeten aus eise Projeten. D'Lola huet dëst Joer e Volontariat an Tansania an am Uganda gemaach. Dir fannt an dësem Bulletin e flotten Temoignage an deem ee spiert, dass et eng Erfarung ass, déi een dat ganzt Liewe wäert begleeden. Viru kuerzem waren och zwou ganz engagéiert Dammen, d'Josée an d'Mariette, mat an Tansania geflunn, fir sech z'iwwerzeegen, dass d'Done fir déi si zesumme mat villen anere Frënn vun der AMU e ganzt Joer schaffen, och richteg investéiert ginn.

An dann, mir hunn et schonns e puer Mol ugekënnegt, ass d'AMU prett fir e nächste grousse Schrëtt ze maachen. Mir wiessele vum sougenannte staatleche „Kofinanzement" an e sougenannten „Accord-Cadre" mam Lëtzebuerger Kooperatiounsministère. Am Numm vum Conseil wëll ech eisem AMU-Office, dem Josiane an dem Claude, e grousse Merci soen, fir d'Virbereedung vun dësem wichtegen Dossier; awer och all de Membere vum CA e grousse Merci fir déi vill wäertvoll Diskussioune mat eisem AMU-Office an awer och mam Ministère. Nëmmen duerch eng gutt Teamaarbecht konnte mir en interessanten a koherenten Dossier beim Ministère areechen. Mir waarden am Moment nach d'Validatioun vum Ministère of. Dir fannt an dësem Bulletin interessant Detailer iwwert eisen „Accord-Cadre", zesummegestallt vum Josiane Hoffmann. D'Josiane war federführend an dësem Dossier; ëmsou méi bedauere mir, dass hatt sech ab Januar 2018 fir een neie Challenge bei enger anerer ONG decidéiert huet. D'Josiane krut eng Full-Time-Positioun ugebueden, déi mir am Moment als AMU leider net disponibel hunn. Mir verstinn dowéinst dem Josiane seng Entscheedung ganz gutt. Am Numm vum Conseil an och am Numm vu sengem Mataarbechter, dem Claude Steichen, well ech op déser Plaz dem Josiane ee ganz grousse Merci soen, fir seng onermiddlech Aarbecht, seng gutt Iddien a säi Know-How a ville Beräicher.

Claude Metz President



### Accord-Cadre

De Kooperatiounsministère huet esou ONGe wéi der AMU virgeschloen, fir een Accord-Cadre, eng gemeinsam Konventioun mam Ministère ofzeschléissen. Wouréms geet et hei? D'AMU soll net méi all Projet eenzel dem Ministère presentéieren, mee ee gesamte Projet, ee *Package,* an dem all eis Projete vun deenen nächste 4 Joer zesummegefaasst sinn.

Wat ännert dat:

**- An eiser Zesummenaarbecht mam Ministère?**
Et erlaabt dem Ministère seng Ausgabe besser ze plangen, well d'AMU schon e Budget fir di nächst 4 Joer opgestallt huet. Nodeems mir also dësen Dossier (Accord-Cadre) zesumme mam Ministère ausgeschafft hunn, erméiglecht et der AMU sech méi selbststänneg ze organiséiere fir d'Ëmsetzung vun deenen eenzele Projeten ze geréieren. Déi finanziell Bedeelegung vun der Regierung un eise Projeten an Afrika ass 80% an d'Projeten a Latäin Amerika ginn zu 60% kofinanzéiert.



**- An eiser Zesummenaarbecht mat eise Partner an deene verschiddene Länner?**
Grondsätzlech ännert sech hei net vill. Mir ënnerstëtzen nach ëmmer hir Projeten, just dass mir elo all Projete gläichzäiteg ausgeschafft hunn.

**- An eiser Zesummenaarbecht mat eise Frënn hei zu Lëtzebuerg?**
Och hei bleift de Fonctionnement de selwechten a mir wäerten Iech och weiderhin iwwert déi verschidde Projeten informéieren: d'beruflech Weiderbildung am Kongo, d'Ënnerstëtzung vun den aidskranke Patienten zu Kampala am Uganda, de Projet mat de Fraen zu Bukoba an Tansania, d'Formatioune fir d'Baueren a Brasilien, d'Stäerkung vun de karitativen Associatiounen a Bolivien an Argentinien… Mir wäerten och an Zukunft déi verschidde Projete besiche goen an Iech heiriwwer beriichten.

Wéi dir Iech bestëmmt kënnt virstellen, hu mir eis an deene leschte Méint vill mat dem Ausschaffe vum Accord-Cadre auserneegesat. Mir hate 4 Reuniounen um Ministère déi eis gehollef hunn, dat ganzt opzesetzen.

Eng vun deenen éischte Froen, déi mir eis gestallt hunn war: Wat wëlle mir eigentlech maachen, wat kënnt d'Thema vun eisem Accord-Cadre sinn? No verschiddenen Iwwerleeunge koume mir drop, datt mir eis Partner wëlle stäerken (renforcement des capacités), fir dass si méi professionell an autonom kënne schaffen. Hei denke mir zum Beispill u Formatioune fir d'Personal aus verschiddene Spideeler an Afrika, un d'Grënnung vu Gruppen am ländleche Beräich a Brasilien mam Ziel, dass d'Baueren hir Produkter besser kënne verkaafen…

Ee ganz wichtege Moment war, wou mir doriwwer nogeduecht hunn, wat de spezifesche Bäitrag vun der AMU kéint sinn. Op di flott Erfarung hin vun de leschte Joren, vun der Hëllef Sud-Sud, wëllt d'AMU de Partner aus dem Süde proposéieren zesummen ze schaffen. Ziel ass dass d'Leit aus dem Süde vun der Erfarung vun anere Leit aus dem Süde kënne profitéieren a léieren. Dëst hu mir „transfert des compétences *Sud-Sud*" genannt. No an no hu mir verstaan, datt genau heiran déi immens Chance vun eisem Accord-Cadre läit. Ouni Accord-Cadre hätte mir bestëmmt net esou vill Wäert op dësen Austausch vu Wëssen an Erfarunge geluecht.



Mir plangen also elo, déi verschidde Partnerorganisatioune mateneen ze vernetzen. Esou soll z.B. d'Personal vu 4 Spideeler aus 3 Länner (Uganda, Tansania a Kongo) sech 2019 gesinn a sech iwwert hir Aarbecht austauschen. Jidder Spidol soll dann entscheeden, wat si heivunner wëlle bäi sech ëmsetzen.

Mir sinn eis awer och bewosst, dass d'Leit an Afrika nach ëmmer eng Klinik, Logementer fir d'Personal, Atelieren asw. brauchen an dofir



hu mir och de Bau an d'Equipement vun esou Gebaier virgesinn.

Ee weidert Resultat, dat mir duerch eisen Accord-Cadre wëllen erreechen, ass d'Ënnerstëtzung vun den Aktivitéite vun den Associatiounen. Hei denke mir zum Beispill am Kongo e Ausbildungsprogramm auszeschaffen, fir Coiffeuse, Bauer oder am Beräich vun der Wirtschaft, erneierbarer Energie… An Argentinien a Bolivien solle kleng karitativ Associatiounen ee Projet ausschaffen a fäeg ginn dës Aktivitéit esou ze plangen, dass si an Zukunft kann ouni finanziell Hëllef vu bausse lafen. Am Uganda soll e Programm op d'Bee gestallt ginn, fir d'AIDS Patienten an hir Familien ze ënnerstëtzen.

Wéi mir den 29. September eisen Dossier um Ministere ofginn hunn, ware mir erliichtert, a richteg frou! Fir d'AMU ass et eng nei Etapp, eng schéin Erausfuerderung.

Josiane Hoffmann




## ... au Népal

**Projet 2015-2018**

**Première aide d'urgence pour la reconstruction et la réparation des postes de santé et de premier secours de Dhading et de Baluwa après les tremblements de terre de 2015 au Népal.**

Budget alloué au projet: € 362.210,65

Cofinancement selon accord de financement du 21.12.2015

Contribution du Gouvernement luxembourgeois: € 300.300,00

Contribution de l'Action pour un Monde Uni asbl: € 62.210,65

Partenaire local: Dhulikhel Hospital/Dhulikhel Népal

**Visites de deux centres médicaux en reconstruction au Népal.**

Carmen Steichen et Jean Staar se sont déplacés début octobre 2017 au Népal pour visiter deux projets en cours de reconstruction.

Baluwa et Dhading sont deux centres de santé ruraux, lesquels sont attachés au DHOS (Dhulikhel Hospital) et qui ont été malheureusement détruits lors du grand tremblement de terre en 2015.
Comparé à ce que nous avons pu observer lors de notre visite en 2015, nous nous sommes retrouvés devant un résultat très satisfaisant.

La reconstruction intégrale à Baluwa promet de devenir un centre de santé de bien meilleure qualité que l'ancien. Grâce aux nouvelles techniques architecturales qui ont





été appliquées lors de la reconstruction intégrale du nouveau bâtiment, le centre de Baluwa garantira une meilleure protection antisismique.
En ce qui concerne Dhading, tout le bâtiment est en fin de réalisation à la satisfaction du personnel médical.
La population locale, ainsi que toute l'équipe de Dhading, se réjouissent de la reprise de leur centre depuis début 2017, le tout offrant des soins beaucoup plus sécurisants. Dhading est devenu un véritable bijou.

## ... à Kajugutti en Tanzanie

**Projet 2015-2017**

**Développement du Centre Médical par la construction de logements pour le personnel médical.**

Budget alloué au projet: € 91.041,15

Cofinancement selon accord de financement du 16.03.2015

Contribution du Gouvernement luxembourgeois: € 60.694,10

Contribution de l'Action pour un Monde Uni asbl: € 29.334,20

Contribution locale: € 1.012,85

Partenaire local: Sisters of St Therese



Le projet de construction de logements pour le personnel du dispensaire à Kanjugutti a pu être achevé en 2017.

Le développement du dispensaire de Kajugutti a connu 3 phases:

1) Construction et équipement d'une pédiatrie par AMU de 2012 à 2014.

2) Construction et équipement de logements pour le personnel par AMU de 2015 à 2017.

3) Construction et équipement d'une maternité par une autre ONG allemande de 2013 à 2017.

Il est important de noter que les «Soeurs thérésiennes» ont très bien planifié et réalisé ces différentes phases au cours des 6 dernières années. Un de leur objectifs était justement de remplir les conditions afin de devenir un «Health Center» et d'améliorer ainsi les services à la population locale. Cet objectif a clairement été atteint.

Comme nous l'avons déjà affirmé antérieurement, la construction de logements pour le personnel garantit au dispensaire une plus grande durabilité. Il est souvent très difficile de trouver du bon personnel pour des centres médicaux éloignés des centres urbains. Accorder au personnel médical la possibilité d'avoir un logement sur le site même du dispensaire permet d'avoir toujours du personnel médical disponible en cas d'urgence. De plus, cette présence renforce la confiance de la population locale dans la qualité du service offert.



Nous pouvons donc conclure que ce projet a été un succès, d'autant plus que notre partenaire local peut tout à fait continuer ses activités sans intervention d'un bailleur de fonds étranger.

## ... à Kikoti au Congo

**Projet 2016-2019**

**Développement du village de Kikoti par l'amélioration du niveau d'éducation et l'augmentation de la qualité des produits et de la production agricoles - RDC.**

Budget alloué au projet : € 309.630,35

Cofinancement selon contrat du 08.04.2016

Contribution du Gouvernement luxembourgeois: € 206.420,23

Contribution de l'Action pour un Monde Uni asbl: € 103.210,12

Partenaire local : AECOM (Association pour l'Economie de Communion)



Après avoir démarré avec un léger retard, le projet *développement du village de Kikoti* a bien évolué dans sa première année.

**Amélioration des conditions de l'enseignement à l'école Petite Flamme:**

Le bâtiment de six salles de classe est déjà construit et il ne reste que les travaux de finition. Pour ce qui concerne le nombre d'élèves par classe et l'organisation des cours, nous attendons la finalisation des travaux, l'équipement des salles de classe et l'inauguration pour enfin y procéder. L'accueil des élèves est prévu au 18e mois de l'exécution du projet; bien qu'il pourrait nécessiter une anticipation.

La construction des latrines est aussi déjà arrivée presqu'à sa fin et il ne reste que l'installation des sanitaires, les travaux de plomberie, le carrelage et quelques petits travaux de finition.

Bien que la construction des latrines soit presque finie, il faudra attendre la construction de la citerne de captage d'eau pour les rendre opérationnelles, citerne prévue pour la deuxième année d'exécution du projet.

**Renforcement des compétences techniques des villageois:**

Les villageois suivent la formation aux nouvelles techniques agricoles dès le lancement des activités, les enseignants se forment ensemble avec les villageois afin de transmettre par après leur savoir aux élèves dans les cours de travaux manuels.

Lors de la première saison de culture du maïs, des arachides et du soja ont été récoltés. En ce qui concerne le manioc, nous attendons le moment opportun pour commencer la récolte. En outre la culture du niébé s'est ajoutée bien qu'elle n'était pas prévue. En effet, en attendant la deuxième saison de la culture des arachides et du maïs, l'espace vide laissé par la première récolte de ces derniers est devenue propice pour la culture du niébé.

Les arbres fruitiers nouvellement plantés n'ont pas résisté à la forte chaleur du mois d'août au mois d'octobre 2016, ils ont donc dû être replantés.

Une clôture a été réalisé afin de protéger les plantations.

**Amélioration de la qualité des produits et de la production agricoles:**

Le séchoir est fabriqué, transporté à Kikoti et installé. Il faudra juste attendre l'installation des bacs de rouissage pour commencer à l'utiliser.

L'installation d'un moulin pour le maïs et le manioc est prévu pour la deuxième année du projet.





### Contact Action pour un Monde Uni

Siège social / Bureau :
11, Kirchestrooss L-5741 Filsdorf
Les permanences du bureau:
lundi à jeudi toute la journée
Tél : 26 67 12 61 - info@amu.lu - www.amu.lu
www.facebook.com/ActionpourunMondeUni

### Le conseil d'administration

Claude Metz (président), Jean-Paul Frank (trésorier), Brigitte Wciorka (secrétaire), Riza Paula Santos Fortes (membre), Bechara Ziadé (membre), Marianne Harpes (membre), Claudine Stein (membre), Christiane Stein (membre), Jean Staar (membre )
Josiane Hoffmann et Claude Steichen (gestionnaires de projets)



**Mambo alleguerten,**

No mengen Openthalt zu Dar-es-Salaam am Kannerheem an zu Kampala an engem Ernärungszenter, ass et dann op Nyakaiga, ee klengt Duerf am Nordweste vun Tansania gaangen. Do hunn ech mat den „Unlimited love Sisters“ zesumme gewunnt. D'Schwësteren hu mech esou häerzeg opgeholl. Zemools mat deene Jonken, déi nach an der Ausbildung zur Schwëster sinn, hunn ech mech ëmmer super verstanen.

Doduerch, dass vill Leit an Tansania net d'Méiglechkeet hunn an d'Schoul ze goen, oder an enger Klass mat em déi 40 anere Schüler ze sëtzen, konnten och vill vun de Schwësteren net vill Englesch. Zesumme mat der AMU hate mir en Engleschcours erausgesicht, deen ech mat 35 Schwëstere gemaach hunn, soudass si d'Basis vum Engleschen elo kënnen. Dat huet mir Spaass gemaach. D'Stëmmung an der Klass war ëmmer super a witzeg an d'Motivatioun vun hinne war einfach enorm. Och wann d'Sprooch natierlech ee Problem war, hunn ech e bëssi Swahili geléiert a si Englesch, esou dass mir eis zimlech gutt konnte verstännegen. Wann et heiansdo net gaangen ass, dann hu mir mam Dictionnaire probéiert, eis géigesäiteg ze verstoen. Nieft den Engleschcoursen hunn ech ofwiesselnd am Spidol an enger klenger Spillschoul geschafft, oder do wou ech grad de Schwësteren hëllefe konnt, hun ech eng Hand mat ugepaakt. Nieft dem Ënnerscheed vun der Ausübung vun der Relioun an Afrika am Vergläich zu Europa, hunn si mir zimlech vill bäibruecht, ewéi zum Bsp. op Swahili bieden. Um Kapp Saachen transportéieren huet och schnell geklappt, do misst ech awer nach meng zwou Hänn benotzen, fir dass net alles eroffält.

Schnell huet ee sech net nëmme ganz gutt mat de Schwëstere verstanene, mee och vill sympathesch Léit aus dem Duerf kennegeléiert. Heiansdo de Weekend, sinn eng ganz Grupp Kanner aus dem Duerf mech besiche komm, fir zesumme mat mir ze spillen. Mat hinne sinn ech dann och méi dacks Waasser bei eng Quell siche gaangen.



Ech gouf och op vill verschidde Plazen invitéiert, wéi zum Bsp. bei Leit aus dem Duerf heem, aner Kléischter vun de Schwësteren oder „Mobile clinic“. Do hunn d' Mataarbechter vum Spidol a klengen Dierfer schwanger Fraen, Neigebuerener oder kleng Kanner a Leemhütten ënnersicht an opgekläert. Och op verschidde Fester wéi de Sakramentwee, eng Priisterwei an Ofleeë vu Versprieche vu Schwësteren, konnt ech deelhuelen. Zemools op dëse Fester huet mech déi afrikanesch Liewensfreed zimlech inspiréiert. Hir Freed beim Sangen an Danze waren einfach groussaarteg.

Verschidden Ënnerscheeder zu den anere Plaze wou ech war sinn et schonns ginn. Zu dem Moment wou ech do war, ass et nach kee fléissend Waasser ginn. Geduscht huet een sech mat engem Eemer Waasser. D'Liewen um Duerf am Vergläich zu Dar-es-Salaam a Kampala ass ganz anescht. Moies fréi schonns um 5 huet ee Kanner, Jugendlecher an heiansdo och Erwuessener gesinn, déi sech op de Wee maachen, fir Waasser sichen ze goen. Genau sou wéi d'Kanner nom laange



Wee zréck vun der Schoul och dono nach Waasser siche gaange sinn oder déi ganz Häerde vu Kéi oder Geesse ronderëm geféiert hunn. Kleng Taxien an deenen 13 Leit sëtzen a schwanger Fraen déi keng Suen a kee Transportmëttel hunn, fir zu Zäit am Spidol ze sinn, waren hei Alldag. Och op de Stroossen, déi éischter kleng Weeër ware mat risege Lächer, konnt een, wann et gereent huet, oft net fueren.

An Tansania hunn ech esou léif, häerzeg, sympathesch a virun allem oppe Léit kennegeléiert, a vill schéin an onvergiesslech Liewenserfarunge gemaach. Déi puer Méint ware mat déi bescht aus mengem Liewen an ech sinn esou frou, dass ech déi Entscheedung getraff, hunn fir kënnen an 3 total verschiddene Projeten ze schaffen. Ech géif jidderengem uroden, eemol ee Volontariat ze maachen. Op dëser Plaz wëll ech mech bei all deene Leit bedanken, déi mir dat méiglech gemaach hunn, meng Famill, Frënn, d'Léit vun dohannen, den SNJ, mee virun allem der AMU!

Asante sana! (Villmools merci)

Lola Bermes



Die Stiftung NURU betreibt in Dar es Salaam, Tansania, ein Spital, in dem in erster Linie Mütter und Kinder während der Schwangerschaft, der Geburt und des Wochenbetts medizinisch betreut werden.

- Jährlich sterben in Tansania 8.000 Frauen infolge von Komplikationen in der Schwangerschaft oder während der Geburt ihres Kindes.
- 160.000 Frauen erleiden bei der Geburt eine schwere Infektion, eine Verletzung oder eine lebensverändernde Behinderung.



- In Dar es Salaam allein sterben täglich 10 Kinder bei der Geburt.
- Oft stehen in öffentlichen Spitälern nicht genug Betten für gebärende Frauen zur Verfügung.

Milena Schaller, eine junge Schweizerin, ist die Gründerin der Stiftung NURU. Nach ihrem ersten langen Aufenthalt in Tansania im Jahre 2012 hat sie sich entschieden, zu handeln. Sie bildet sich an der Fachhochschule für Gesundheit in Bern zur Hebamme aus. Unterstützt wird sie von Dr. Edward Komu.

Dr. Edward ist Projektverantwortlicher in Tansania, hat Medizin studiert und ist Arzt. Er absolvierte zudem ein Masterstudium in öffentlichem Gesundheitswesen mit Fokussierung auf Gesundheitsökonomie und Gesundheitsmanagement in Dänemark.

Die Armut in seinem Heimatland Tansania ist ausschlaggebend dafür, dass er etwas verändern möchte, um seine Mitmenschen zu unterstützen. Er setzt sich dafür ein, dass die Projekte nachhaltig sind und den Bedürfnissen der tansanischen Bevölkerung gerecht werden.

AMU hat das Krankenhaus der Stiftung NURU zweimal besucht. Wir waren begeistert von dem Tatendrang und es war schnell klar, dass die AMU diese Initiative unterstützen möchte. Gemeinsam haben wir ein Projekt ausgearbeitet. Ziel der zukünftigen Zusammenarbeit ist es eine Verbesserung der Ernährungsgewohnheiten von Frauen während und nach der Schwangerschaft sowie von ihren Kindern zu erreichen.

**Comment soutenir nos actions ?**

**Vous pouvez manifester votre générosité par un don au profit de**

**Action pour un Monde Uni**
**BIL: LU14 0021 1349 0900 0000**
**CCPL : LU83 1111 1287 6344 0000**

Toute personne effectuant un don en faveur de l'Action pour un Monde Uni asbl, reçoit par voie postale une quittance reconnue par l'Administration des Contributions du Grand-Duché, ce qui permet de bénéficier du droit d'exonération fiscale.